# Faktencheck

## Reform Alpha


Op däser Platz wëlle mir iech eng Ausso vum Educatiounsminister Claude Meisch zitéieren :

*« Et muss een den Ënnerscheed maachen tëschent deenen Enseignanten, déi de Micro heiansdo do higehalen kréien, well dat hir Aufgab ass, dann eppes an de Micro ze soen, an deenen, déi um Terrain aktiv sinn. »*

Dës Ausso huet den Educatiounsminister den 3. Dezember an der Chamber am Kader vun der Debatt zu der Reform Alpha gemaach.

Hei ënnendrënner fannt dir nach eemol d'Resultater vun engem Sondage iwwert d'Reform Alpha, deen den SNE/CGFP bei den Enseignantë gemaach huet, déi wierklech all Dag um Terrain aktiv sinn.

Den SNE/CGFP wëllt weder d'Ausso vum Minister, déi hie virum Vott vun der Reform Alpha gemaach huet, nach d'Resultat vun eiser Ëmfro zur Reform Alpha bei den Enseignanten vum Terrain kommentéieren.




**Fir den SNE/CGFP ass kloer:**

**D'Resultat vun der Ëmfro ass eendeiteg an aussokräfteg genuch.**

**Si schwätze fir sech!**



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

